

Mäerzeg, den 12. August 2022



MATDEELUNG

am Kader vun den Artikelen 8 an 9 vum ofgeännerten Gesetz
vum 4. Februar 2005 iwwert den nationale Referendum

De Schäfferot,

Vu d'Demande vum Comité d'initiative vum 26. Juli 2022, déi de Premier- a Staatsminister de 27. Juli 2022 kritt huet, fir e Referendum iwwert d'Proposition vun der Revisioun vun de Kapitelen IV an Vbis vun der Verfassung ze organiséieren;

Vu d'Décisioun vum Premier- a Staatsminister vum 29. Juli 2022 iwwert d'Recevabilitéit vun där Demande;

Vu d'Kommunikatioun vum Premier- a Staatsminister am *Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg*, publizéiert an der Serie vum Memorial A vum 5. August 2022, an Ausféierung vum Artikel 5 vum ofgeännerten Gesetz vum 4. Februar 2005 iwwer den nationale Referendum;

informéiert

d'Wieler, déi d'Walrecht fir d'Chamberswalen hunn an déi an der Gemeng domiciliéiert sinn, datt si d'Demande iwwert d'Ofhale vun engem Referendum iwwert d'Proposition vun der Revisioun vun de Kapitelen IV an Vbis vun der Verfassung, déi an éischer Liesung de 13. Juli 2022 vun der Chamber ugeholl ginn ass, ënnerstëtze kënnen, andeem si sech an de Lëschten aschreiwten, déi an der Gemeng **vum 20. August 2022 bis den 13. September 2022 abegraff, opleien.**

Während dëser Period sinn d'Lëschten op folgende Plazen an zu folgenden Zäiten zougänglech:

Uert:

Administration communale de Mertzig
22 Rue Principale
L-9168 Mertzig

Deeg an Zäiten:

Méindeg	08h30 – 11h30 // 13h30 – 16h30
Dënschdeg	08h30 – 11h30 // 13h30 – 16h30
Mëttwoch	08h30 – 11h30 // 13h30 – 18h30
Donneschdeg	08h30 – 11h30 // 13h30 – 16h30
Freideg	08h30 – 11h30 // 13h30 – 16h30

D'Verwaltung ass **ausnahmsweis an ausschließlech** op, fir déi betreffend Lëscht z'ënnerschreiwten, an dat **Samschdes**, jeweils vun 10h00 bis 12h00:

20. August 2022, 27. August 2022, 03. September 2022 an 10. September 2022.

Den Text vun der Proposition vun der Revisioun vun de Kapiteln IV a IVbis vun der Verfassung kann op den uewe genannte Plaatzen an zu den uewe genannten Zaiten agesi gin.

Fir d'Demande iwwert de Referendum z'ënnerstëtzen muss de Wieler sech perséinlech op senger Gemeng presentéieren. De Wieler muss säin Numm, seng Virnimm a seng Adress dem zoustännegen Agent matdeelen an eng gültig Pièce d'identité virweise kënnen.

Nodeems den Agent kontrolléiert huet ob de Wieler op de Wielerlëschten agedroen ass, leet den Agent dem Wieler d'Aschreiwungslëschte vir an dréit dem Wieler säin Numm, seng Virnimm a säi Gebuertsdatum an.

Nodeems de Wieler dës Aschreiwunge kontrolléiert huet, ënnerschreift hien d'Lëscht.

De Wieler deen duerch e physischen Handicap net ënnerschreibe kann, däerf sech vun enger Persoun begleede loosse, déi a sengem Numm ënnerschreien däerf. Dës begleedend Persoun däerf kee kommunaalt, nationaalt oder europäesch Mandat bekleeden, si muss liesen a schreibe kënnen an däerf net gemäß de Bestëmmungen vum Artikel 6 vum ofgeännerten Walgesetz vum 18. Februar 2003, vum d'Walrecht ausgeschloss sinn.

Et däerfen déi Wieler ënnerschreien déi den Dag virum Ufank vun der Ënnerschräfte Sammlung op de Wielerlëschte fir d'Chamberwale agedroe sinn.

Déi Wieler déi net op der Wielerlëscht vun der Gemeng stinn, mussen eng Décisioun vum Buergermeeschter vun hirem Wunnuert respektiv vun enger Geriichtsinstanz virweise kënnen déi bezeit datt si d'Walrecht an där Gemeng hunn.

Déi Wieler déi zwar op dese Wielerlëschten agedroe sinn, mee déi hiert Walrecht duerch eng gesetzlech Bestëmmung oder duerch e Geriichtsbescheid oferkannt kritt hunn, däerfe sech net un der Ënnerschräfte Sammlung bedeelegen.

All Wieler däerf nëmmen eemol d'Lëscht ënnerschreien. D'Ënnerschreien am Numm vun enger drëtter Persoun ass verbueden ausser am Fall wou eng Persoun eng handicapéiert Persoun begleet.

D'Ënnerschréft vum Wieler op der Lëscht bedeit datt dese Wieler d'Demande fir d'Ofhale vun engem Referendum ënnerstëtzt.

Dës Demande ass nëmmen dann ugeholl, wa 25.000 Wieler se ënnerstëtzen.

De Schäfferot,

Mike Poiré, Buergermeeschter
Stefano D'Agostino, Schäffen
Isabelle Elsen-Conzemius, Schäffen